l-2020-O-M-6365-01 (n°3471)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2021

HA au sujet de l'organisation de la sécurité publique

6

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

ass sech bewosst,

- datt d'Drogekriminalitéit e grousse mënschlechen a materielle Schued verursaacht ;
- datt sech esou Aktivitéiten, net exklusiv awer virun allem, op e puer Plazen am Land konzentréieren, wéi z.B. am Garer Quartier an der Stad Lëtzebuerg ;

decidéiert,

- esou Aktivitéite mat Häert an Determinatioun ze bekämpfen an eng Null-Toleranz-Politik am Beräich vun der Drogekriminalitéit anzeféieren;
- datt eng Rei vu Moossname mussen dréngend geholl ginn, déi e sécheren Impakt op d'Kriminalitéit, virun allem och op d'Drogekriminalitéit, hunn,

fuerdert d'Regierung op:

- all Persoun, déi sech illegal um Lëtzebuerger Territoire ophält, esou séier wéi méiglech auszeweisen an och dofir ze suergen, datt déi Leit effektiv d'Land verloossen;
- all Persoun, déi mat net kompletten oder onlieserlechen auslännesche Pobeieren als internationale Schutz sichend ausgewise gëtt oder als Persoun, déi schonn internationale Schutz huet an déi onlieserlech an onkomplett Pobeieren huet, direkt auszeweisen;
- op europäeschem Niveau dofir anzetrieden, datt Persounen, déi an engem Memberstaat am Zesummenhang mat der Drogekriminalitéit verurteelt goufen oder fir aner schwéier Delikter oder Verbrieche verurteelt goufen, keen Asyl an der EU kënne kréien, respektiv, hire Schutzstatut verléieren an d'Europäesch Unioun direkt verloosse mussen;
- der Chamber bis spéitstens den 1. August 2021 e Projet de loi virzeleeën, deen den illegalen Openthalt zu Lëtzebuerg zu engem penalen Delikt mécht;
- der Chamber bis spéitstens den 1. August 2021 e Projet de loi virzeleeën, deen d'Strofe fir de Verkaf vun illegalen Drogen däitlech eropsetzt.

Fernand Kartheiser

**ADR – Groupe parlementaire** **25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742**